



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 29/02/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.

Op de soziale Medien zirkuléiert ee Video, an dem d'Schluechtprozedur an engem Schluechthaus zu Lëtzebuerg opgehol gouf. D'Szeen gouf verstoppt gedréint a weist de Raum, wou d'Déieren zerluecht ginn. Am Video ass kloer ze gesinn, wéi eng Kouh ouni Betäubung dout gemaach ginn ass. De Video weist wéi d'Déier, wat nach gelieft huet an nach zuckt, bei vollem Bewosstsinn den Hals opgeschnidde kritt.

Den Artikel 9 vun eisem Déiereschutzgesetz leet fest:

"(1)La mise à mort d'un animal ne peut être effectuée qu'après étourdissement. Cette disposition ne s'applique pas en matière de chasse, de pêche récréative et de lutte contre les organismes nuisibles. Lors de la mise à mort d'un animal, toute douleur, détresse ou souffrance inutile doit être évitée."

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi ass et dem Minister no z'erklären, dass een Déier ouni Betäubung an engem Schluechthaus dout gemaach gouf? Kann de Minister ausschléissen, dass et regelméisseg zu esou Tëschefällen an de Schluechthaiser zu Lëtzebuerg kënnst? Falls jo, wéi kann hien dat beleeën?
2. Opgelëscht no Déierenaart a Joer, wéi vill vill Déiere sinn an de leschten 5 Joer zu Lëtzebuerg geschluecht ginn?
3. Wéi vill Stonnen den Dag däerf an de Schluechthaiser geschluecht ginn?
4. Wéi vill Läit schaffen an de Schluechthaiser zu Lëtzebuerg a wéi huet sech d'Unzuel un Aarbechter an de leschte 5 Joer entwéckelt?
5. Wéi eng Formatioun mussen d'Schluechter an de Schluechthaiser zu Lëtzebuerg hunn, fir Déieren dierfen dout ze maachen?
6. Wéi oft sinn d'Schluechthaiser an de leschten 3 Joer vun der Veterinärsinspektioun kontrolléiert ginn? Wéi vill Verstéiss géint d'Déiereschutzgesetz goufen an där Period festgestallt? Falls keng oder wéineg Verstéiss festgestallt goufen, kéint ee Grond dofir sinn, dass net genuch Kontrollen duerchgefouert ginn?
7. Wär et aus Transparenzgrënn an am Sënn vun engem konsequenten Déiereschutz bei der Hierstellung vu Fleischprodukter net wichteg, Kameraen op de Schluechtsitten ze installéieren? Falls dëst schonn de Fall ass, wien traitéiert dat



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Videomaterial a wéi vill Verstéiss goufen iwwert dee Wee nodréiglech festgestallt?

8. Wéi eng weider Schrëtt wäert de Minister ënnerhuelen, fir dass d'Déiereschutzgesetz agehale gëtt an d'Wuel vum Déier och an de Schluechthaiser garantéiert ka ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu